



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. Oktober 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, d'Madame Gesondheetsminister an den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Am Noutfall (Krichsfall, Katastrophefall, terroristesch Attack, etc...) misst eist Land eventuell mat enger ganz héiger Zuel un Affer rechnen, wouvun der ganz vill bal gläichzäiteg misste medezinesch versuergt ginn. Am Fall vun enger internationaler Kris misst Lëtzebuerg eventuell och nach Verletzter a Kranker aus anere Länner ophuelen fir si hei ze versuergen.

Bei méi laange Konfliktsituatiounen mussen d'Strukturen am Gesondheetsberäich deementspreechend Capacitéiten a Personal hunn fir och laangfristeg kënnen déi noutwennege Versuergung ze garantéieren.

Dowéinst wollt ech deenen zoustännege Membere vun der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng Strukturen gëtt sech Lëtzebuerg um ministerielle Niveau fir am Fall vu schwéieren an eventuell laangfristige medezinesche Noutsituatiounen kënnen d'Versuergung vun der Populatioun ze organiséieren? Gëtt et eng Noutfallunitéit am Gesondheetsministère déi am permanente Kontakt mat alle Bedeelegte stoe kann? Wéi ass déi zesummegeat? Huet si elo schonn déi néideg Strukturen fir e Krisefall virbereet?
2. Wéi eng Exercice goufe bis elo gemaach fir e grouse Krisefall ze simuléieren a wat waren d'Enseignement déi aus deenen Exercice gezu goufen? Solle regelméisseg Exercicen organiséiert ginn?
3. Wéi eng Moosname huet Lëtzebuerg getraff fir och am Fall wou Grenzen zu Nopeschlänner géingen zougemaach ginn, weiderhin kënnen sécher ze stellen, datt medezinesch Personal a Material kann d'Grenze passéieren? Huet Lëtzebuerg an deem Sënn Ofkommes mat de Nopeschstaate getraff? Gëtt déi Problematik am Kader vun der Groussregioun diskutéiert?
4. A ville Länner mussen d'Spideeler permanent eng substantiell Zuel u Better a Reserv halen fir genuch Capacitéiten am Noutfall ze hunn. Ass dru geduecht fir dat och zu Lëtzebuerg -an enger credibeler an iwwerpréifbarer Form - anzeféieren?
5. Wéi wëll Lëtzebuerg am Noutfall – dee jo och eventuell ka ganz laang daueren – genuch medezinesch a para-medezinesch Personal mobiliséieren?

6. Wëll Lëtzebuerg Reserven vu wichtige Medikamenter stockéieren fir a laangfristige Noutsituatiounen déi néideg Versuergung kënnen méiglechst autonom a kuerzfristeg ze garantéieren?
7. Wéi eng Roll kann déi geplangte Militärmedezin an dësem Zesammenhang spillen? Misst net awer och eng eege militäresch Spidolsstruktur geschaaft ginn, fir déi néideg Reserven fir de Noutfall kënnen zur Verfügung ze stellen?

Mat déiwem Respekt

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'F' followed by a long, sweeping horizontal line that curves upwards at the end.

Fernand Kartheiser

Deputéierten